# Immateriellt Kulturierwen – Nohaltegkeetskompass

Dréck de Kompass op festem Pabeier eraus, schneit en der gestréchelter Linn no aus an heft déi zwee Kreesser mat enger Musterklamer uneneen




Dësen Nohaltegkeetskompass gouf am Kader vum Projet *„NORTHERN DIMENSION PARTNERSHIP ON CULTURE: CREATING NEW PRACTICES OF SUSTAINABILITY – CROSS-SECTORIAL CREATIVITY IN THE ERA OF CLIMATE CHANGE"* (Kulturpartnerschaft am Norden: nei Praktike vun Nohaltegkeet schafen – secteuriwwergräifend Kreativitéit am Zäitalter vum Klimawandel) entwéckelt als kreativ Äntwert, fir d'nohalteg Entwécklung ze ënnerstëtzen an de gesellschaftlechen Diskurs duerch Konscht a Kultur an eng ekologesch-sozial, wirtschaftlech a kulturell Richtung ze entwéckelen.
Dëse Kompass ass och Deel vun der Ëmsetzung vun der UNESCO-Konventioun fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen a Finnland an an allen anere Länner op der Welt, déi matmaache wëllen! Aarbechtsgrupp: Leena Marsio, Katriina Siivonen, Aura Seikkula, Vesa Purokuru, Ira Vihreälehto, Antti Huntus, Hanna Lämsä, Matti Hakamäki. Grafesch Elementer: Christian Saldert. Layout: Jani Korkiakangas. Ursprénglecht Konzept (Kysyvä Kompassi): Antti Huntus & Vesa Purokuru. Iwwersetzung op Lëtzebuergesch: Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) an Zesummenaarbecht mam Patrick Dondelinger. **CC BY 4.0**

Méi Informatiounen: leena.marsio@museovirasto.fi • antti.huntus@taike.fi • tomi.aho@taike.fi

NDPC Northern Dimension Partnership on Culture
Museovirasto Finnish Heritage Agency
Ministry for Foreign Affairs of Finland
Ministry of Education and Culture
Arts Promotion Centre Finland

# Immateriellt Kulturierwen – Nohaltegkeetskompass

Dréck de Kompass op festem Pabeier eraus, schneit en der gestréchelter Linn no aus an heft déi zwee Kreesser mat enger Musterklamer uneneen

## GESELLSCHAFT

### INTERAKTIOUN

Wéi färdert d'Aktivitéit de Kontakt an den Austausch tëschent de Leit?

Wéi kann d'Aktivitéit zu der perséinlecher Entwécklung an zu engem sënnerfëllte Liewe bäidroen?

Wéi eng Elementer färderen de respektvollen Ëmgang mateneen?

### MATMAACHEN

Ka jiddereen bei der Aktivitéit matmaachen? Gëtt et gesellschaftlech Gruppen, déi méi seelen oder ni deelhuelen?

Wéi eng Roll spillen déi verschidde Geschlechter?

A wéi wäit schaaft d'Aktivitéit e Gefill vun Zesummenhalt a mécht Loscht drop fir matzemaachen?

## WIRTSCHAFT

### CHANCËGLÄICHHEET

Wéi eng Roll spillen d'Sue bei der Aktivitéit?

Kann all Persoun onofhängeg vun hirer finanzieller Situatioun deelhuelen?

Schaaft dës Aktivitéit Ressourcen (Netzwierker, Wëssen, Raim, Materialien asw.), déi mat anere kënne gedeelt ginn?

### ROLL VUN DER EKONOMIE

Wéi eng wirtschaftlech Chancen entstinn duerch d'Aktivitéit?

Wéi eng Roll spillen eethesch Iwwerleeunge bei der Kommerzialisatioun vun der Aktivitéit?

Wéi kann d'Aktivitéit kommerzialiséiert ginn, ouni datt hir Eegestännegkeet doduerch a Gefor gerét?

## ËMWELT

### EKOLOGESCH ASPEKTER

Wéi en Afloss huet d'Aktivitéit op d'Natur an op d'Ëmwelt?

Wéi kann d'Aktivitéit méi ëmweltfrëndlech gestalt ginn?

Wéi kann d'Aktivitéit d'Bewosstsi fir d'Ëmwelt stäerken?

### NATUR

Wéi gëtt bei dëser Aktivitéit d'Natur erlieft?

Wéi färdert d'Aktivitéit d'Wäertschätzung vun der Natur?

Wéi dréit d'Aktivitéit zu engem respektvollen Ëmgang mat alle Liewensforme bäi?

## KULTUR

### WEIDERVERIERWEN

Wat géif verluer goen, wann d'Aktivitéit géif verschwannen?

Wéi kënne Vertrieder vu verschiddene Generatiounen an d'Entwécklung vun der Aktivitéit mat abezu ginn?

A wéi wäit variéiers oder veränners du d'Aktivitéit par rapport zu fréiere Generatiounen?

### UNEEGNUNG & ENGAGEMENT

Wéi engagéiers du dech bei dëser Aktivitéit?

Wat bedeit d'Aktivitéit fir aner Leit?

Wéi oppe bass du, fir d'Verantwortung fir d'Aktivitéit mat anere Leit ze deelen?

NDPC Northern Dimension Partnership on Culture
Museovirasto Finnish Heritage Agency
Ministry for Foreign Affairs of Finland
Ministry of Education and Culture
Arts Promotion Centre Finland